

Sätzungsbericht N°5 vun der Sportskommissioun vum 30. November 2020

Présent: Nicole, Manou, Joske, Patrick, Joe

Ofgemellt: Marcel, Miguel (01/11/2020)

1) Usprouch vun der Präsidentin

D'Nicole ergréift Wuert an heescht déi verschidden Memberen wëllkomm. Den Oflaf gët kuerz beschwaat.

2) Unhuelen vum läschten Sätzungsbericht

De Sätzungsbericht vun der läschter Versammlung vum 19. Oktober 2020 gët unanim vun de Memeren ugeholl.

3) Sportleréierung 2020

**Folgend Sportler goufen zeréckbehalen:
(rout sinn déi Persounen, déi Konditiounen net erfëllen)**

1. Gedgen Nelly
2. Van der Schrick Laura
3. Van der Schrick Stephan
4. Felber Tim
5. Felber David
6. Scolaire Entende Béiwen/Brouch
7. Ury Noé
8. Thelen Sophie
9. Grethen Charles
10. Mousel Luc
11. Scheller Luc
12. FC US Béiwen Atert
13. Straus Shawn
14. Esser Matt
15. Esser Mik
16. Ries Jean-Marie
17. Bintz Kylie
18. **Bausch Gusty (erfëllt d'Konditounen net)**
19. Wampach-Mathias Heike
20. Noesen Diana
21. Klepper Tim
22. Oedman Svante

23. Braun Nicolas
24. Braun Mattis
25. Team Gengler Laurent an Gengler Ferdinand
26. Team Gengler Laurent an Gengler Ferdinand
27. Team Gengler Laurent an Gengler Ferdinand
28. Team Gengler Laurent an Gengler Ferdinand (kréien 1 mol)
29. Team Gengler Laurent a Bauer Steve
30. Bob Koedinger
31. Les's Lux Pussies
32. Bob Koedinger (kritt eng Kéier)
33. **Mazzone Maite (erfëllt d'Konditiounen net)**
34. Gaul Noemie
35. Gaul Kaya
36. Moeller Kristine

Vu datt et dëst Joer schwéier ass, d'Sportleréierung ënnert Berécksiichtungung sämtlecher Covid-Restruktiounen ofzehalen, proposéiere mir als Sportskommissioun, den zeréckbehalene Sportler hire Bong per Recommandée heemzeschécken.

Déi genannte Sportler géifen fir déi nächst Sportleréierung agelueden ginn an demno och geéiert ginn.

Ginn d'Konditiounen vun der Sportleréierung weider sou bäibehalen oder sollen/missten déi geännert ginn?

(déi aktuell Konditiounen hänken ech iech an d'Spéngel)

4) Verschiddenes

Waat d'Petanque's Piste ugeet, huet d'Nicole de President vun der „Fédératioun Luxembourgeoise des Boules et de Pétanque“ (Gérard Schneider), während der Kommissiounssëtzung ugeruff. Hien huet eis ënnert anerem een Internetsite uginn (construction de pétanque), wou mir eis informéiere kënnen.

Waat d'Uschafungskäschten uginn, sollen dës laut Gérard Schneider relativ geréng sinn.

D'Gréisste vum Terrain kënnen deelweis variéieren a leien normalerweis zwëschen 12-13 m Längt op der 3 m Breet, respektiv 15 m op 4 m.

Déi genannten Terrainen kënnen vun bis zu 8 Persounen, gläichzäiteg, benotzt ginn.

Wat Konstruktioun vun dësen Terrainen ugeet, ginn et relativ vill Méiglechkeeten.

Zwou Méiglechkeeten wieren:

1. 20 bis 25 cm vum Buedem eraushuelen, mat Splitter opfëllen, Eisebunnsschwellen als Oftung ronderëm an fäerdeg!
2. eng normal (Park)platz einfach mat Splitter opfëllen ass och eng Méiglechkeet

Zu Béiwen existéiert schon eng grouss Pétanque's Piste (d'Fotoe hänken an der Spéngel ass vum Manou gemach ginn)

Wann een dës aktuell Fotoen kuckt, misst dësen Terrain natierlech amenagéiert ginn.

Een Hiweis respektiv eng Signalisatioun vun der Pétanque's Piste, wier och eng lweerleeung wäert.

An dësem Kontext freet Kommissioun op nach weider Terrainen an der Gemeng „Helperknapp“ disponibel sinn, fir déi eng oder aneren Pétanque's Piste ze realiséieren?(Brouch, Tënten)

Am ideale Fall géifen dës Terrainen zentral am Duerf leien. Dëst hätt ënnert anerem de Virdeel, datt Terrainen fir d'Awunner einfach zougängelech wieren an am bäschten Fall och nach ouni Auto. Zousätzlech gëtt de Risiko vum Vandalismus minimiséiert, wann d'Terrainen am Duerfkär, zwëschent den Haiser leien.

D'Käschte vun esou engem Terrain belaafe sech zwëschent 10 an 15 Dausend Euro. Dat hängt natierlech vun verschidde Facticeuren of, wien d'Aarbechten mëscht, wou mir den Splitter, respektiv d'Eisebunnsschwellen hierkréien asw.

D'Kommissioun freet, dofir ee Budget vun 25.000 Euro fir d'Joer 2021. Zousätzlech freet d'Kommissioun d'Gemeng op et denkbar wier, fir datt deen een oder aneren Terrain fir Juni/Juli 2021 fäerdeg/ wier?

Wat de Kaméidi ugeet, sinn dem Här Schneider keng gréisser Reklamatiounen (Nopere asw.) bekannt.

En plus, wann de Besoin do ass, huet hien sech bereeterkläert, fir wieder Informatiounen bei eis an eng Versammlung ze kommen oder eng Viste des lieux ze maachen op hierem Site.(Bieles)

Een zousätzleche positiven Aspekt ass, datt déi verschidde Altersgruppen kënnen

dës Fräizäitaktivitéit zesumme spillen.

-Bike Park/Boukelpist

Wiem gehéiert den Terrain ronderëm/laanscht der Schoul zu Bruch (Primär a Spillschoul)?

Wann dësen Terrain am Besëtz vun der Gemeng wier, wier dësen Ideal fir ee Bike Park / Boukelpist ze realiséieren.

(vill Platz & Parkméiglechkeeten)

-Park Beschdrëf

Dësen Punkt hunn mir nët beschwat

-Fitnessparcours

Fitnessparcours Huelmes: de Joske informéiert d'Kommissioun datt näischt méi do ass, respektiv

alles ofgerappt gouf, existéiert deemno net méi!

-Budget

D'Kommissioun huet/haat dëst Joer een Budget vun 15.000 Euro zegutt, deen mir awer net gebraucht hunn.

Kréie mir dës Zomm automatesch op d'nächst Joer reportéiert?

-Démissioun

De Frank Conrad deelt mir (Joe) den 29. November 2020 iwwert Email mat, datt hien sech aus der Sportskommissioun zeréckzitt. (Email hänkt an der Spéngel).

-Äntwerten vum Schäfferot

D'Sportskommissioun seet dem Schäfferot, villmools merci fir den Feedback, waat eisen läschten Bericht ugeet.

5)Déi nächst Versammlung

Déi nächst Versammlung ass fir den 18. Januar 2021 um 20 Auer 30 Auer programméiert.

Mir géifen eis un d'Recommandatioune vum Gemengerot halen, an déi nächst

Kommissioun iwver Videokonferenz ofhalen. Detailer kommen no.

mat sportlechen Gréiss

Joe Heinz

Sekretär vun der Sportkommissioun